E Lampion an e Bild mat gedréchenten (gepressten) Blummen

Moie Kanner!

Passend zu der Blummepress vun dëser Woch „Handwierkleches fir Naturfrënn“ bastelt d‘Nicole haut mat iech e Lampion an e Bild mat gedréchente Blummen.

Fir de Lampion braucht dir Folgendes:

Material

- Verschidde gepresste Blummen a Blieder aus eiser Blummepress
- 1 Loftballon fir de Lampion
- Tapéitepäsch
- Schmierepabeier

- 1 méi déckt Blat fir eist Blummebild

Fir eise Lampion

Mir réiere fir d‘éischt eisen Tapéitepäsch op. Da blose mir de Loftballon op, a schmieren de Päsch driwwer. Op de Päsch leeën mir Schmierepabeier. Mir maachen ongeféier 4-5 Schichten.

Dann huele mir eis gedréchent Blummen a Blieder a verdeelen se um Pabeier. Mir schmieren se gutt a mat Päsch an.

Dat ganzt loosse mir dann 2 Deeg dréchnen. De Loftballon huele mir eraus an dann nach en Drot drun. Fäerdeg!

Lo kënne mir owes eng kleng Käerz dra stellen an da liicht dat wonnerschéin.

Fir e Bild mat gepresste Blummen, brauche mir e méi déckt Blat Da schmiere mir Päsch op eist Blat a leeën d'Blummen drop. Als Rumm kenn dir dann nach e puer dréche Bengele vum Hielenner huelen (déi si ganz liicht). Dréchne loossen a fäerdeg 😊

Vill Spaass Kanner! Är SICONA kids Guiden